



POMPJEESVERBAND

FLASH März 2021

Kolleeginnen a Kolleegen Pompjeeën am CGDIS,

Déi wichtegst Punkten, déi bei der Sëtzung vum Zentralvirstand vum 18. März 2021 beschwat goufen.

- An der Ëmsetzung vum Text vum "pompier de support" besteet net d' Méiglechkeet aktive Pompjee an engem GIS ze sinn an "pompier de support" an engem CIS. Dëst ass net guft a mir si sécher datt CIS'en doduerch riskéieren Leit ze verléieren. Den Zentralvirstand gesäit Direktioun vum CGDIS an der Abrëllsëtzung fir iwwert dëst an aner Problemer (ënner anerem Indemnitéiten) ze diskutéieren.
- D' Veteranen hunn zesummen mat der Direktioun vum CGDIS e flotten Flyer ausgeschafft. Dësen gëtt un all Veteran vum CGDIS geschéckt. Um Flyer gëtt d' APV an hier Aufgaben virgestallt an interesséiert Veteranen kënnen hier Kontakt Donnéeën bei hinnen hannerloossen.
- De Pompjeesverband an den Inneministère sinn amgaangen eng Konventioun auszeschaffen. Doranner ginn nach emol d' Missiounen an de Budget festgehalen. D' Aarbecht soll am Sënn vun eise Memberen weider goen.
- De Verband ass kontaktéiert ginn, well et e puer Problemer beim RAGTAL gëtt (z.B. gëtt keen lessen zerwéiert wann Hauptberufflecher un enger Formation Deel huelen, schwaarz-wäiss Trennung, ...). De Verband wäert Kontakt mat de Verantwortlech beim CGDIS ophuelen fir des Problemer ze léisen.

Marc MAMER
President

Sait 1 vun 1



bureau@fnsp.lu



28 55 641



www.fnsp.lu



<http://www.facebook.com/fnsp.lu/>



7, rue Chr. Plantin
L-2339 Lëtzebuerg